1-2020-O-2-6000-01 (n°3285)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE

22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven & GOERGEN Marc

Debatt iwwer Politik fir Entwécklungshëllef an humanitär Aktiounen

Lëtzebuerg, den 20/10/2020

3

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- dass Lëtzebuerg seng Engagementer, déi um Niveau vum Plan d'Action vun Addis Abeba geholl goufen eescht hellt.
- dass d'Regierung trotz der COVID-19-Kris weiderhi well de Partnerlänner finanziell zur Säit stoen.
- dass grad eis Partnerlänner schwéier vun der COVID-19-Kris wäerte getraff ginn.
- dass d'Regierung a Lëtzebuerg e „pays solidaire" gesäit an dofir 1% vu sengem RNB an d'Entwécklungskooperatioun investéiere well.
- dass déi aktuell sanitär Kris och wirtschaftlech Repercussiounen huet an doduerch eng Diminutioun vum RNB mat sech bréngt.
- dass d'Festhalen un enger finanzieller Hëllef vun 1% vum RNB an der aktueller Situatioun enger Baisse vun de Mëttelen an absolutten Zuelen entsprécht.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. De Montant vun der ëffentlecher Entwécklungshëllef, déi Lëtzebuerg senge Partnerlänner am kommende Budgetsjoer accordéiere wäert, net ënnert d'Moyenne vun de finanzielle Mëttelen, déi an de leschten dréi Joer investéiert goufen, falen ze loossen.

Sven CLEMENT

David Wagner